16. uerdentlech Generalversammlung vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg

Freides den 22. März 2013 huet zu Rolléng op den Fëschweiheren, beim Cindy an beim Andy, déi 16. uerdentlech Generalvesammlung vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg stattfond. Et haten sech éng gudd 30 Memberen anfond fir un der Generalversammlung deelzehuelen. Dodernieft konnten mir och den Claude Strotz als offiziellen Member vum Verwaltungsrot vun der FLPS begréissen. Mat vun der Parti woren och eis Memberen aus dem nohen Saarland vum Stammtisch Saarwellingen déi och dës Kéier déi wäit Unrees net gescheiht hun.

Ungefaangen huet eis Generalversammlung mat ee puer Begréissungswierder vun eisem Präsident, den Jean – Jaques May, genannt den Jeek. Hien huet an ee puer Wierder déi vergaangen Fëschersaison Revue passéieren geloos an huet dobäi net vergiess déi vill schéin Momenter an beschter Komerodschaft nach éng Kéier ze wirdegen.

Duerno wor et un eisem Sekretäir, den Erny Arend, deen fir säin Deel ee bëssen op déi vergaangen an déi kommend Aktivitéiten vum Club angaangen ass. Hien huet heibäi net verheemlecht dass et ëmmer méih schwéier gët déi eenzel Sortiën ze organiséieren, sief et duurch net anhalen vun den Ofmachungen mat den gérants des sites oder och nach dass et ee bëssen un Alternativen feelt wat schéin Siten unbelaangt. Hien huet an dësem Sënn dann och een Opruff un d'Memberen gemeet fir Him nei Siten matzedeelen, esouwäit interessant Alternativen am Raum stin. Et ass dun och direckt éng ungereegten Diskussioun zu staanen komm ewou verschidden nei Siten an den Raum gestallt gin sin (den Domaine des Coyolles zu Coyolles oder den Étang des Cigognes zu Seltz) net ouni ze vergiessen dass och Siten ewou mir an der Vergaangenheet schon woren (Socourt, Ostvoorne) och villäicht erëm kéinten interessant gin. Speziell wat den Site vun Socourt unbelaangt hun eis verschidden Memberen zu eisem Bedaueren matgedeelt dass op dësem Site op laang Siicht net méi un fëschen ze denken wär ewell bedéngt duurch een Fëschstierwen den ganzen Weiher huet missen eidel gemeet an desinfizéiert gin. Nom Erny wor den Tour dun um Keessier, dem Gast Graas, fir eis den Bilan vun der Clubkees ze maachen. Hien huet dat ewei ëmmer souvereen gemeet an huet den Memberen matgedeelt dass et ëm d'Finanzen vum Club ganz gudd bestallt ass wat Him den Keesenrevisor, Carlo Mack, och bestätegt huet. Duerno stuung dann den feierlechen Héichpunkt un, d'Éierung vun den Lauréaten vum Club Championat 2012. Als verdéngtenen Clubmeeschter ass dëst Joër den Mich Gilson hervirgaangen. Hien hat zweemol, am Heischenter Gron an zu Rabais, ze iwwerzeegen gewousst an huet sech domader zimlech kloër duurchgesat. Gudden Zweeten ass den Pierrot Dan gin deen fir säin Deel ëmmer mat vir bäi ass wann mir eis Clubmeeschterschaft ausdroën. Den Drëtten, den Raymond Thoma, hat niewend séngem gudden Klassement och den décksten Fësch vun der Clubmeeschterschaft, éng Reebouforell vun 44 cm gefaangen, heifir huet Hien ee Bong kritt deen Hien an éngem Fëschershop anléisen kann.

den Raymond Thoma

den Dan Pierrot

Dëst Joër hat sech och den Claude Strotz éng Éier dorausser gemeet fir offiziell als Member vum Verwaltungsrot vun der FLPS ee puer Wierder un eis ze riichten fir eis um Laafenden ze halen wat um Niveau vum Verbandsliewen esou unsteet. Hien ass dobäi op verschidden Neierungen um Niveau vun den Permisen an der Méiglechkeet een Permis iwwert éng App ze bezéihen angaangen an huet och d´Bestriewen vun der Federatioun ernimmt den behënnerten Leit och d´Méiglechkeet ze gin sech un eiser Passioun ze bedeelegen. An deem Zesummenhang sin ënnert annerem um Stauséi bei der Misére Bréck Plattformen aménagéiert gin ewou Leit am Rollstull kënnen ouni Bedenken hiren Sport ausüben. Niewenbäi huet den Claude eis och matgedeelt dass Hien elo zoustänneg wär fir den Fëscher an Jeër, eis Verbandszeitung, ze organiséieren.

Ewei dun den offiziellen Deel vun der Generalversammlung eriwwer wor sin mir zum beléiwten verlousen vum Kader mat den Mécken aus den Bannowender, deen vum Méckenjang gestëfft gin wor, komm. Heibäi hat d´Sonn alt nees am hellsten op

den Clubchampion, den Mich, geschéihnt an esou konnt een ouni ze iwwerdreiwen (wat sécher schwéier fällt am Zesummenhang mam Mich) soën dass Hien dëst Joër op der ganzer Linn ofgeraumt huet wat ofzeraumen wor. Hien hat et zeguer am Fréihjor fäerdeg bruecht als aktiven Member vum Flyfishing Club mat séngem Fëscherfrënn, dem Ben Pauly, den groussen Präis vun Lëtzebuerg zu Wäisswampech ze gewannen, deen all Joërs op een Neis vun der lëtzebuerger Méckenfëschersektioun organiséiert gët an deen sech am Laaf vun den Joëren zu éngem bedäitenden Evement bei den Méckenfëscher am In – an Ausland entwëckelt huet.

Den Ofschloss huet dun den Film vum Luss gemeet deen sech d´Joër iwwer éng Éier draus gemeet hat fir déi vill schéin Momenter déi mir zesummen erliewen konnten an éngem flotten Film festzehalen. Ewell den Film regen Unklang bei den Memberen fond huet ass den Luss elo nach méih motivéiert fir déi Saach och an der neier Fëschersaison unzegoën.

Esou ass dun éng ganz geloongen Generalversammlung zu Ënn gaangen an d´Fëscher hun sech direckt op den Heemweë gemeet ewell jo schon an ee puer Stonnen eis Sortie op Rabais unstung.

Rabais, dat heescht alt erëm éng Kéier vun den Memberen aus gesin dem Präsident d´Geleenheet ze bidden fir eis Merci ze soën ewell mir dat ganzt Joër esou trei zu Him stin.....